

Reaktioun vun der ACEL op den Communiqué an den opene Bréif vum Aktiounskomitee 6670

An der Nuecht op den 1. Juli gouf e Communiqué, wei och en opene Bréif vum Aktiounskomitee 6670 un d'ACEL gericht. Den ACEL Comité ass schockéiert iwwert de Contenu an d'Attacken, déi doranner formuléiert ginn. Mir musse leider constatéieren, dass eenzel Membere vum Aktiounskomitee 6670, den Opbau an d'Virgoe vun der ACEL weder respektéieren, nach verstinn. Als gréisste gewielte Studentevertrieder kënnen a wëlle mir eis déi Reprochen net gefale loossen. Dowéinst hei ee kleng Rappel vum Opbau vun der ACEL an deem wat mir am Dossier Aide financière konkret erreicht hunn.

D'ACEL ass 1984 zu Karlsruhe gegrënnt ginn a besteet aktuell aus 39 Membercerclen aus verschidene Studentestied an aus 5 consultative Memberen, déi déi verschidde Studienrichtungen ofdecken. Säit senger Grënnung huet sech d'ACEL dräi Haaptaufgabe gesat:

- D'Informatioun vun de Schüler a Studenten: An deem Sënn hunn mir gëschter op eiser Pressekonferenz den neie Guide du Futur Diplômé virgestallt. Dobäi kennt och nach de Guide du Futur Etudiant, de Student fir 1 Dag an eis Präsenz op der Studentefoire.
- D'Representatioun vun de Studenten - z.Bsp am Dossier vun der Aide financière.
- De Regruppement vu Studenten - Intercerle Aktivitéiten, d'REEL an de Studentebal.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, d.h dass mir keng bestëmmte parteipolitesch Meenung vertrieede mee eis fir d'Rechter vum Student staark maachen. Dës politesch Neutralitéit verhënnert allerdengs nët, dass mir kritesch u politesch Dossierer eru ginn.

Am Dossier Aide financière ass d'ACEL schon virun 2010 aktiv gewiecht fir um deemolege Projet matzeschaffen. Zënter deem huet d'ACEL ëmmer erëm de Wee vum konstruktiven Dialog gesicht an probéiert matt allen implizéierte Parteien zesummen ze schaffen. Während der ganzer Diskussioun ronderëm d'Reform hu mir ëmmer Recksprooch mat eise Membere gehalen an hir Propose mat an d'Treffe mat Vertrieder vum Ministère an aneren Akteure geholl (ë.a. matt Fraktiounen aus der Chamber, der UNEL an och dem Aktiounskomitee 6670).

D'ACEL wëll och nach eng Kéier rappeléieren, dass vill vun den Amendementer vum Comité an de Membercercle proposéiert gi sinn. D'Méiglechkeet eis Propositione konkret ëmzesetzen ze kënnen



Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois

BP 63 | L-7201 Bereldange
1, rue de la Loge | L-1945 Luxembourg

contact@acel.lu | www.acel.lu
+352 691 420 538 / 539 / 540

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000

RCS Luxembourg F969



SPUERKEESS

war eis dobäi och ëmmer wichteg. Op därser Plaz wëlle mir dofir och kuerz op dei Amendementer agoendei mir gefuerdert hunn :

- Déi Studenten, déi kee Recht op de volle Montant vun der sozialer Bourse hunn, kréien d'Méiglechkeet d'Differenz als Prêt ze huelen (Art. 4. an Art. 5.)
- D'Unzuel vun de Kanner am Stot (Art. 4.) déi studéiere kënn mat an d'Rechnung.
- Dat Joer wat een am Bachelor (Cycle inférieur) méi zegutt huet gëtt engem am Master (Cycle supérieur) gutt geschriwwen, wann een de Bachelor an der Regelstudienzäit gepackt huet (Art. 7.)

Mir fannen et immens Schued, dass déi vill Arbecht, déi d'ACEL - souwuel hire Comité wei och hir Memberen - an diesen Dossier gestach huet esou destruktiv duergestallt gëtt. Och, gesi mir eis Arbescht net als ofgeschloss un, mee mir wäerte weider an diesem Dossier schaffen, notamment op den Punkte Bourse de Base a Studentewunnengen zu Lëtzebuerg.

Zum Schluss well d'ACEL och nach ënnerstreichen, dass eng Zesummenarbescht mam Aktiounskomitee 6670 aus verschiddene Grënn leider net méiglech war, mir eis Memberen awer ëmmer iwwert hier Aktiounen informéiert hunn an hinnen och de freie Choix gelooss hunn d'Aktiounen z'ënnerstetzen oder net. Dëst gëllt esou wuel fir de Streik, wéi och fir d'Emfro.

Mir wäerten och weiderhinn am Dossier vun der Aide financière schaffen am Wëssen datt mir weider op eis Memberen ziele kënnen, dei fierun kuerzem op engem "ACEL meets Presi" hier Zoustëmmung fir eis ausgedréckt hun. D'ACEL versicht ëmmer am Konsenz mat senge Memberen ze schaffen.

D'ACEL hofft och esou séier wéi méiglech rem zu engem mei konstruktiven a respektvollen Dialog tescht de Studentenvertrieder zereckfannen ze kënnen.

Weider Informatiounen fannt Dir och an eisem Dossier de Presse vum 30. Juni 2014.

Contact:
Clifton Cano
Vice-Représentation
+352 661 420 542

